

nach eng Kéier besteiert gi sinn. Deemools sinn et och ganz weíneg Duebelbesteierungs- ofkommesse ginn téschent Lëtzebuerg an deenen anere Länner, dofir hat déi Gesetzgebung absolut hire Wäert.

An och haut muss ee soen, datt mer zu Lëtzebuerg eent vun deene Länner sinn, wat zwar eng etlech Duebelbesteierungs- ofkommessen huet, mä awer vill manner wéi Holland, Frankräich oder Däitschland. An et ass also sonner Zweifel, datt wann eng Entreprise wëllt an d'Ausland investéieren, an e Land wou Lëtzebuerg keen Duebelbesteierungs- ofkommessen huet, datt deen Ablack déi Gesetzgebung vun onser Holding '29 nach ëmmer hir Berechtigung huet.

Ech bedauern, datt dat Positiivt un där Saach, wat absolut ekonomesch richteg ass, net richteg an der internationaler Finanzpress an och soss dohierter op den europäesche Regierungsconseilen duerchkënnt. Ech wënsche mer oft, datt een heiansdo déi Gesetzgebung, déi een huet, méi positiv soll verkafen, well een och gesäit, datt aner Länner ähnlech, all méiglech Dispositionen huelen, fir do bei hire Gesellschaften, déi am Export tätég sinn, Steiermesurë virzehuelen, déi eng Exonération fiscale oder soss eng Faveur kënnen virgesinn. Ech wëll nuren un d'Foreign Sales Corporation denken, op déi d'amerikanesch Firme kënnen zréckgräifen a wou et eng etlech Diskussiounen gëtt.

Dat zweet wat ee muss festhalen, dat ass, datt mer elo mat enger Gesetzgebung konfrontéiert sinn, déi mir zwar e bëssen à regret kënnen matdroen, well et esou négociéiert ginn ass, well och an aneren europäesche Länner ähnlech Mesuren, déi bestanen hunn an der Belsch oder an Holland a sou weider, datt déi och solle bis Enn 2010 ofgeschaaft ginn oder modifiéiert gi sinn, mä nach bedauern ech, datt mer hu missen zu deem Schratt do kommen.

Da géing ech den Här Finanzminister bieten, awer och mol eng Kéier ze kucken, datt mer méi Duebelbesteierungs- ofkommesse géinge kréien. Et sinn der eng etlech négociéiert, Här Minister, an déi leien am Tirang an der Steierverwaltung. An dat sinn der eng etlech, ech wëll nuren een ervirsträichen, wann ech mam A bei de Länner ufänken, dat ass dee vum Aserbaidshan, mä et gëtt der nach eng etlech anerer, an déi Gesetzgebungen, déi Accorden, déi missten awer op den Instanzewee kommen. Mir wëssen, datt dofir dann de Ministère des Affaires étrangères zoustänneg ass, mä et wier awer gutt, wa mer och géingen op dee Wee do goen.

Dat zweet, wat mengen ech noutwendeg ass, dat ass, datt mer och als Land, also Dir als Regierung sollt kucke fir eng Étude comparative ze maache vun den Duebelbesteierungs- ofkommessen, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg négociéiert hunn, a wéi se an onsen Nopeschlänner an an anere Länner vun der Europäescher Unïoun bestinn. An do muss ee feststellen, datt mat munche Länner Lëtzebuerg net esou gutt do steet, wéi zum Beispill Holland, Frankräich oder Däitschland. An dat ass net gesond, well deen Ablack Entrepreneuren, anstatt vu Lëtzebuerg aus ze investéieren, deen Ablack an aner Juridictione mussen goe fir do vu besserer Konditione ze profitéieren. Dofir wier et gutt, wann een déi Aarbecht géing maachen.

En drëten Deel, dee wichteg ass an dem Kontext vun den Investisementer an d'Ausland, dat ass, datt mer och Konventionen géingen ënnerschreiwe mat verschidene Länner, iwwert d'Protektion vun den Investisementer. Och do, mengen ech, leie mer wäit am

Hannertrefe vis-à-vis vun onsen Nopeschlänner.

Dat gesot, kënnen mer mat engen etleche Regreten awer den Text, esou wéi den Här Mosar e virgestallt an explizéiert huet, matdroen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo awer definitiv den Här Minister Luc Frieden. Här Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géing och gären dem Här Mosar an deenen anere Kollege Merci soe fir hir Stellungnahme zu dësem Projet de loi; Stellungnahmen, déi am Fong net d'Komplexitéit an d'Häert vun där Debatt erëmispigelen, déi mer ronderëm dës europäesch Regeln, déi zu dësem Gesetzprojet geféiert hunn, an deene leschte Jore geféiert hunn.

Et ass hei an e puer Interventiounen erauskomm, wéi wann dat heiten d'Resultat wär vun engem Op-d'Säit-gedréckt-Gi vun europäesche Reglementatiounen. Elo grad ass nach geschwat gi vu Réckzugsgefechter a Schadensbegrenzung. Dat kann ee sécher esou gesinn, mä dës anti-europäesch Astellung, déi natierlech a contrario heescht, datt ee seet: Mä mir wären nach vill besser drun, wa mer dat do alles net hätten. Mir kéinten eist Holdinggesetz halen, mer bräichten eng ganz Rei aner Gesetzgebungen net ze maachen.

Da muss ee sech d'Fro stellen, a wéi enger Situatioun een ass a wat fir eng Choixen een huet. Mir hätte selbstverständlech kéinte soen, mir maache bei all deene Saachen do net mat a mir bleiven op eiser Insel hei sëtzen. Dann hätte mer keng fräi Circulatioun vum Kapital, mir hätte kee groussen europäesche Bannemaart an deem d'Kapital géing fräi circuléieren, an deem d'Leit kéinte fräi circuléieren, a mir wären iwwerhaupt net an déi Situatioun komm, wou mer haut eng grouss international Finanzplaz hätten.

Et ass innerhalb vun deenen europäesche Regeln, wou mer d'Diskussioun geféiert hunn, wat ass eng fair Besteuerung vu Gesellschaften, an et ass déi Diskussioun, déi mer geféiert hunn. An an där Diskussioun, mengen ech, wann een de ganze Code de conduite kuckt, deen am Beräich vun der Betribsbesteuerung um europäesche Plang arrétéiert ginn ass, datt Lëtzebuerg relativ gutt ewechkomm ass. Well et si 66 Moossnamen, déi vun den europäesche Ministere considéiert gi sinn als onfair Besteuerung. Do sinn der nëmmen zwou, déi Lëtzebuerg betraff hunn. All déi aner hunn aner Länner betraff. An déi richteg Debatt war am Fong: Wat ass eng fair Besteuerung? Ass et fair - war eng vun de Froen - wann ee verschidden Typë vu Gesellschaften ganz anescht behandelt wéi déi, déi an hirem nationale Bannemaart esou traitéiert ginn?

An duerfir mengen ech, datt déi falsch Schlussfolgerung déi wär fir ze soen, et ass dat béist Europa, wat eis zu dësem Schrëtt verleet. Et muss ee virun allem déi grouss Opportunitéite gesinn, déi mer hunn, doduerch datt mer an deem Europa sinn an datt mer kënnen an Europa eis Finanzprodukter verkafen, och wann dat heiansdo heescht, eng Réadaptatioun vu Regeln, déi mer hunn.

Et muss een och gesinn, wéi gesot, niewent dem Fait, datt 64 Steiermoossnamen an anere Länner mussen ofgeschaaft ginn, datt mer och zu Lëtzebuerg an dëser Verhandlung eppes vill méi Wichteges fäerdeg bruecht hunn, nämlech alles dat wat net am Code de conduite zréckbehale ginn ass, an notament d'SOPARFien, wat eng

aner Zort vun Holdinggesellschaften ass, wouriwwer mer laang diskutéiert hunn.

Dee Schrëtt, dee mer hei gemaach hunn, an deen d'Chamber de Mëtten hei diskutéiert, ass am Fong e kleng Volet, dee mir als Contributioun gemaach hunn, fir eng méi fair Besteuerung vun den Entrepreneuren am groussen europäesche Bannemaart ze maachen.

Dat ass och en Débat, deen net ophält. Et wär och falsch ze mengen, datt mer haut mat deenen Debatte fäerdeg sinn. Europa ass Gott sei Dank e Kontinent, deen evoluéiert. Mir wäerten och nach an deenen nächsten 10, 20, 30, 40 Joer iwwer Besteuerung an Europa schwätzen, a kucken, wéi mer dee Bannemaart esou kënnen gestalten, datt mer all d'Opportunitéiten och wierech voll kënnen notzen.

An ech soen nach eng Kéier: Fir eist Land sinn déi Opportunitéiten enorm. Et géing eise Räichtum hei zu Lëtzebuerg net ginn ouni dat Europa, weder am Stol nach bei de Medien a scho guer net op der Finanzplaz.

Duerfir bieten ech drëm, datt een déi ganz Diskussioun am Breede gesäit, an datt esou Ännerunge wéi dës am Fong zu enger europäescher Partnerschaft gehéieren. Quitte datt déi Verhandlungen, déi heizou geféiert gi sinn, net einfach waren, well et selbstverständlech eng Attitüd gëtt vun enger Rei Memberstaten, déi natierlech aus enger gewëssener Jalousie eraus, respektiv och well hinne ganz vill Kapital verluer geet, wann dat an d'Nopeschlänner geet, versichen dat eent oder anert Instrument, wat d'Noperen hunn, ze eliminéieren.

Mä nach eng Kéier: Och déi aner hunn hei an dëser Diskussioun missen op eng Rei Instrumenter verzichten. Et wäert och d'Aufgab sinn ze kucken an deenen nächste Joren, wéi déi aner Länner dëse Code de conduite ëmsetzen.

Dës Debatt ass net eriwuer. Och de Rapporteur huet et ugeschwat: Et gëtt effektiv eng Tendenz an der Europäescher Kommissioun, fir ze soen, datt dës Holdinggesellschaften géint d'Regele vun den Aides d'État verstoussen. Dat ass eng Theorie, déi d'Lëtzeburger Regierung net deelt. Wann d'Kommissioun op deem Wee géing weidergoen, da muss dat um europäesche Geriichtshaff gekläert ginn. Dat muss een an deenen nächste Woche gesinn. Mir wäerten op jidde Fall déi Argumentatioun widerleeën. Mä wéi gesot, d'Gerichter sinn dann do fir dat ze tranchéieren.

Och aner Gesetzter, déi de Rapporteur hei mentionnéiert huet, bedeiten net d'Enn vun der Gesetzgebung ronderëm d'Finanzplaz. De Rapporteur huet geschwat vum Gesetz iwwert d'Geldwäsch. Et muss ee wëssen, datt op europäeschem Plang fir de Moment eng drëtt Direktiv iwwert de Kampf géint Geldwäsch an der Diskussioun ass, datt mir also och déi mat verhandelen, an déi och le moment venu mussen an eis national Gesetzgebung ëmsetzen.

An deem Europa, wat eis esou viles bréngt, also vill Räichtum elo an an der Zukunft bréngt, gëtt et selbstverständlech och ëmmer nei Opportunitéiten. Ech mengen, dat ass och an där Debatt vläicht net genuch zum Virschäi komm. Europa huet sech net zum Zil gesat, a kann dat och guer net, fir d'Besteuerung ze uniformiséieren an ze harmoniséieren.

Mir hunn och grad duerch déi Diskussioun am Code de conduite ganz vill nei Méiglechkeete fir Lëtzebuerg entdeckt. Am Ufank

stoungen op där Lëscht 226 Moossnamen, déi analyséiert gi sinn. Et sinn der 66 bliwwen. Mir hunn do ganz viles an deenen Diskussiounen geléiert. Mir hu ganz interessant Strukturen am Ausland gesinn, vun deene mer net ausgeschléissen, datt mer déi och an d'Lëtzeburger Gesetzgebung kënnen aféieren, well Europa elo gesot huet, datt dat Gesetzgebungen oder Moossname sinn, déi europakonform sinn - wann ech dat dierf esou nennen.

Duerfir mengen ech, datt och an Zukunft Kreativitéit grad an engem kleng Land wéi eisem gefuerdert ass, sou datt mer also an deenen nächste Joren eis d'Konditioun gesat hunn, nei Instrumenter ze schafen, déi konform sinn zu den europäesche Regeln, an déi et wäerten erlaben och zu Lëtzebuerg nei Finanzaktivitéiten unzezeien. Mir mussen also nach besser kucken, wat sech am Ausland doet, an domadder d'Konkurrenzfähigkeit vun eiser Finanzplaz erhalen. Dat ass vill Aarbecht an dat ass virun allem och eng technesch Aarbecht. Dorunner schaffe mer mat den Acteure vun der Finanzplaz.

Ech mengen, et wären nach vill Méiglechkeeten, och wa mer hei e Millimeter ännere vun enger Gesetzgebung, déi awer während 80 Joer e gudden Déngscht geleescht huet, mä wéi gesot, et sinn anerer, déi haut méi attraktiv sinn a méi wichteg si fir Lëtzebuerg wéi déi heiten.

Ech si frou, datt mer beim Code de conduite zu deem dote Resultat komm sinn, mä wéi gesot, et wäert och an Zukunft och an dësen Dossieren nach esou munch Debatt op europäeschem Plang ze féiere sinn. Dat Wesentlech ass, datt een d'Gesamtbild vun der europäescher Integratioun, vun der Ouverture vun de Finanzmäert net vergësst, déi méi wichteg ass, wéi verschidden Dealer, déi mer haut hei diskutéieren.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt. Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi, dee mer elo just diskutéiert hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5231 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Projet, der Diskussioun iwwert de Projet 5402 iwwert den Asaz vun der Informatik bei der Douane. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. Als éischte Riedner huet elo de Rapporteur d'Wuert, den honorabelen Här Patrick Santer.

7. 5402 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi conformément à l'article 34 du Traité sur l'Union européenne, modifiant, en ce qui concerne la création d'un fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières, la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 8 mai 2003

Rapport de la Commission juridique

■ **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee vun der Bekämpfung vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit schwätzt, därerf een déi wichteg Contributioun vun den Douanesautoritéiten net vergiessen. Och si spillen eng wichteg Roll fir d'Schafe vun engem Espace de liberté, de sécurité et de justice an der Europäescher Unïoun.

Wann et um Niveau vun de Polizeia Justizautoritéite Kooperationsstrukturen an -institutionen um Niveau vun der Europäescher Unïoun gëtt, an ech schwätzen hei Eurojust an Eurojust un, da funktionéiert d'Zesummewierke vun den Douanesautoritéiten an der Unïoun ouni esou zentral Strukturen. Duerfir ass et grad esou wichteg, datt d'Informationsflëss téschent den nationalen Douanesautoritéiten optimal solle stattfannen.

Duerch e Gesetz vum 20. Dezember 2002 hu mer eng Konventioun vun 1995 approvéiert, déi als Objet d'Uwendung hat vun der Informatik am Kader vun der Zesummenaarbecht téschent den Douanesautoritéiten. Esou gouf de Système d'Information des Douanes oder SID geschafen.

De Système d'Information des Douanes ass een, fir all Douanesautoritéit an der Europäescher Unïoun zougänglech, Computernetzwerk, dat d'Zil verfolgegt, an ech zitéieren hei d'Konventioun: «aider à prévenir, rechercher et poursuivre les infractions graves aux lois nationales en renforçant, par une diffusion plus rapide des informations,...»

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.** - Wann ech gelift!

■ **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Et interesséiert net vill Leit, mä ech fänken erëm un. D'Zil vun der Konventioun war «aider à prévenir, rechercher et poursuivre les infractions graves aux lois nationales en renforçant, par une diffusion plus rapide des informa-

tions, l'efficacité des procédures de coopération et de contrôle des administrations douanières des États membres.»

D'Donnéeën, déi op de Système d'Information des Douanes gespäichert ginn, konnten der Konventioun vun 1995 no nëmme fir bestëmmte Kategorië vun Aktivitéite vun den Douanesautoritéite traitéiert ginn: dat waren d'Observatioun, d'Surveillance an de Contrôle.

De Protokoll zu der Konventioun vun 1995, dee mer duerch dëse Projet de loi wäerten approvéeieren, erweidert den Zougrëff op de Service d'Information des Douanes och op d'Donnéeën, déi sech op Enquêtes, ob déi Enquêtes nach amgaange sinn oder schonn ofgeschloss sinn, bezéien. Esou kënnen d'Enquêtes, déi vun de verschiddenen Douanesautoritéiten duerchgeféiert ginn, besser koordinéiert ginn.

Zu dësem Zweck gëtt e spezielle Fichier geschafen, de Fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières. Esou kënnen d'Douanesverwaltungen, déi zum Beispill géint eng bestëmmte Persoun enquêtéeieren, elektronesch a systematesch nopräiwe loossen, ob dës Persoun och an aner Memberstaten den Objet vun Enquêtes vun Douanesverwaltungen war oder nach ass.

Här President, wann de Statsrot sech prinzipiell mat dësem Protokoll a mat dësem Projet de loi averstanen erkläert huet, esou wollt en awer dëse Projet de loi duerch zwou Zousazbestëmmungen ergänz gesinn. Ech wëll lech elo scho matdeelen, datt mer dem Statsrot sengen Observatiounen net Rechnung gedroen hunn.

Zum enge wollt de Statsrot, datt am Projet de loi eng Lëscht vun Infractiounen sollt festgehale ginn, well am neien Artikel 12 A steet, datt all Memberstat deenen anere Memberstate wéi och engem Komitee, deen niewebäi gesot nach net existéiert, eng Lëscht vu gravéierenden Infractiounen, déi an d'Kompetenz vun den Douanesautoritéite falen, soll matdeelen. Dës Infractiounen, déi gravéierend sinn, sinn där, déi mat enger Prisongsstrof vu mindestens zwielef Méint bestrooft ginn oder op deenen eng Geldstrof vun op d'mannst 15.000 Euro drop steet.

D'Kommissioun huet d'Meenung vertrat, datt de Projet de loi net brauch esou eng Lëscht vun Infractiounen ze beinhalten. Lëtzebuerg kann nawell deenen anere Memberstaten, oder besser gesot déi Lëtzebuurger Douanesautoritéit kann nawell hiren Amtskolleegen aus deenen anere Memberstaten déi Lëscht mat deenen Infractiounen zoukomme loossen, och wann déi Lëscht net an dësem Projet de loi festgehalten ass. Dat wier och heiansdo schwierig, besonnesch an deene Fäll wou dat lëtzebuergesch Gesetz d'Geldstrof pro Quantitéit vun de Wuere festleet.

Zum aneren hätt de Statsrot gär gehat, datt d'Délaien, wéi laang d'Donnéeë kéinten am Système d'Information des Douanes gehale ginn, solle preziséiert ginn. Am neien Artikel 12 E sinn d'Maximaldélaien festgehalten. Dat geet jee no Situatioun bis zu zéng Joer.

An der Konventioun, déi mer 2002 approvéeiert hunn, steet am Artikel 12, datt d'Daten esou laang kënnen gehale ginn, bis d'Objektiv, dat se verfollegen, erreecht ginn ass. Dëse Proportionalitéitsprinzip, deen allgemeng an Dateschutzkonventiounen, Dateschutzdirektiven oder Dateschutzgesetzter ermëzefannen ass, bilt d'Minimaldurée fir déi Daten, déi am Système d'Information des Douanes ze hale sinn. Mir hunn also eng Minimaldurée, déi geregelt ass duerch de Prinzip vun der Proportionalitéit, an eng Maximaldurée, déi elo an deem neien Artikel 12 E festgehalten ass. Esou

brauch de Projet de loi och op dësem Punkt net ergänzt ze ginn.

Zum Schluss wëllt ech nach zwou Bemierkunge maachen:

Éischtens ass de Système d'Information des Douanes bis elo zumools net grad als Erfolleg unzugesinn. Et ass eng ridicule kleng Zuel vun Donnéeën an deem System gespäichert, wat besonnesch op eng komplizéiert Handhabung vum System an enorm laang Waardezäiten zrëckzeféieren ass. D'Problemer sinn amgaange behuuewen ze ginn, an d'Kommissioun hofft, datt eng méi zäitgerecht Infrastruktur de Système d'Information des Douanes zu engem effikasse System ausbaue kann. Soss wär jo d'Zilsetzung vum ganze System a Fro gestallt.

Zweetens wëll ech am Numm vun der Kommissioun nach eng Kéier betounen, wat schonn 2002 bei der Approbatioun vun där Konventioun vun 1995 gesot ginn ass: Duerch de Système d'Information des Douanes kritt eis Douanesverwaltung keng nei Kompetenzen. Och wann d'Douanesverwaltungen aus anere Memberstate vill méi large Kompetenzen hunn, an Donnéeën, déi hire Kompetenzen entsprechen, op de Système d'Information des Douanes kënnen späicheren, esou bedeit dat nach laang net, datt eis Douane Donnéeën, wou se opgrond vun eise Gesetzter kee Recht drop huet, kann eroflueden.

Am Numm vun der Kommissioun wëllt ech och dem Här Dicken vun der Douanesverwaltung Merci soen. Den Här Dicken stoung der Kommissioun Ried an Äntwert an huet eis wäertvoll Informatiounen iwwert déi praktesch Erfahrung mam Système d'Information des Douanes matgedeelt.

Ech wollt lech also, als Rapporteur, virschloen de Projet de loi, deen unanime an der Kommissioun approvéeiert ginn ass, esou unzehuele wéi en als Annex zum Rapport steet. An als mandatede Spriecher vun der CSV wëllt ech och matdeelen, datt d'CSV dëse Projet wäert matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer schonn an der Commission juridique eisen Accord bruecht hunn, wäert ech och eisen Accord haut zu dësem Projet de loi bréngen.

Ech mengen et ass ganz wichteg, wann een déi ganzen Zäit schwätzt vu Kommunikatioun a vun Zesummenaarbecht vu Policeautoritéiten, dass och d'Douanesautoritéite méi Kooperatioun zesumme kréien, well éischtens eis Douane eng ganz Rëtsch vu Kompetenze kritt huet duerch fréier Gesetzter, déi mer gestëmmt hunn.

Mä da muss ech den Här Minister awer froen, wann e mer nolauschtert?

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech wollt just den Här Minister froen: Här Minister, wann Der erlaabt, mir hunn elo duerch dat heite Gesetz jo méi eng Verknäppung tëschent europäeschen Douanen, mä op der Generalversammlung vun der Douanesgewerkschaft, wou eng ganz Rëtsch vun eisen Deputéierten dobäi waren, hu se awer gesot, dass zum Beispill der Brigade motorisée vun den Douanen hei zu Lëtzebuerg ongeféier 30 Leit feelen.

Ech weess, et ass net Är Kompetenz, et ass dem Här Juncker seng Kompetenz. Ech hunn em

och d'Fro gestallt, als Finanzminister a Premierminister. Et ass gutt dass mer kucken, dass se um internationalen Niveau besser zesummeschaffen. Mä wat maache mer wa se um nationalen Niveau vir an hannen net bäikomme mat hirer Aarbecht, an op jidde Fall eng 20 bis 30 Leit an hirer Brigade motorisée, esou wéi d'Gesetz et awer deemools virgesinn huet, haut feelen. Dowéinst ass déi Fro, Här Minister: Wéi kënn Der hinnen d'Moyene ginn, wann Der hinnen och nach nei Chargé gitt an nei Missiounen?

Esou wéi dat jo bei CRLen haut ass, bei engem Untersuchungsriichter, wou eng ganz Prozedur hannendrun ass. Wann een Infoe brauch, wéi soll d'Douane dat maachen, wa se haut scho ruffen, dass se net genuch Leit hu fir ze schaffen? Mä wéi gesot, ech mengen et ass e wichtege Projet an e geet an déi richteg Richtung. Duerfir wäert och d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heite Projet stëmmen.

■ **Une voix.** - Mir haten näischt anescht erswaart.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Bodry agedroen. Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no den Ausféierunge vum Här Rapporteur brauch een net méi op den Inhalt weider vun deem Text hei anzegoen. Ech mengen dat hei ass eréischt eng zweet Etapp, déi mer beschreiden. Eng éischt Etapp, dat war d'Gesetz vum 20. Dezember 2000, wou mer eigentlech um Niveau vun den Douanen an Europa en Informationssystem ageëricht hunn, wou mer allerdéngs och héieren hunn, dass net allze vill Gebrauch vun deem System gemaach gëtt. Elo kënn eng zweet Etapp dobäi, wou mer déi Verstärkung vun der Zesummenaarbecht tëschent den Zollverwaltungen an Europa ustriewen.

Interessant ze gesinn ass och, dass dee Protokoll eigentlech am Fong d'Resultat ass vun der intergouvernementaler Zesummenaarbecht an der Europäescher Unioun mam Zil, fir méi Sécherheet an Europa ze kréien an och fir eben Efforten ze maachen, fir gemeinsam géint d'Kriminalitéit, a besonnesch géint déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit virzegoen.

Dozou gehéiert selbstverständlech, dass een op gewëssen Informatiounen muss kënnen an engem anere Memberstat zrëckgräifen, fir seng eegen Enquêtë kënnen gutt ze féieren, respektiv a Kontakt ze triede mat deenen aneren Autoritéiten, fir also optimal do Informatiounsautausch kënnen virzehuelen am Kader vun Enquêtes, déi d'Zollverwaltungen duerchzéien.

Wat jo interessant ass, dat ass, dass mer u sech an deem heite Fall haaptsächlech jo iwwer sou genannten Accords d'assistance mutuelle eraus déi hei Zesummenaarbecht an Europa méi systematesch maachen. Doduerch ergëtt sech natierlech och eng Vereinfachung vun de Prozeduren, déi sech aus deenen normalen internationalen Accorden ergëtt. Hei besteet also d'Méiglechkeet fir en direkten Zougrëff ze huelen op eng Rei vu perséinlechen Daten, déi an engem gemeinsame System gespäichert sinn.

Dat féiert net nëmmen dozou, dass een u sech méi komplett Donnéeën kritt, mä haaptsächlech och dozou, dass ee vill méi schnell ka virgoen, an d'Schnel-

legkeet ass, mengen ech, eng wichteg Viraussetzung fir an esou Dossiere kënnen d'Enquête zu engem glécklechen Ofschloss ze bréngen.

Fir eis ass et nach wichteg feststellen - an de schrëftleche Rapport mécht dat och -, dass u sech heimadder awer och eis Dateschutzbestëmmungen hei zu Lëtzebuerg net ausgehiewelt ginn, mä dass selbstverständlech eis Zollverwaltung - et ass op déi wou mir jo och hei Zougrëff hunn - sech muss un déi Texter vum Dateschutz halen, déi also fir si voll a ganz bestoe bleiwen. Ech géif just hoffen, andeem ech och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Text hei abréngen, dass déi zweet Etapp méi Succès hätt wéi déi éischt Etapp.

Et ass e bëssen droleg. Normalerweise verdéift een eréischt wa schonn déi éischt Etapp eigentlech d'Resultater voll bruecht huet. Et wär also ze hoffen, dass dat heiten, déi Kooperatiounsefforten, déi hei gemaach ginn, och wierklech genotzt gi vun deenen eenzelnen Douanesverwaltungen an Europa. Et ass selbstverständlech, dass och vu Lëtzebuurger Säit aus, soufir do muss dee System gespeist gi mat Lëtzebuurger Donnéeën, och dat Néidegt gemaach gëtt vun eiser Douanesverwaltung aus, fir dass deen dote System kann droen an dass en sengem Zil gerecht gëtt, dat heescht u sech fir d'Kriminalitéit hei an Europa besser kënnen ze bekämpfen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz!

■ **M. Felix Braz (DÉ GRÉNG).** - Här President, ech wëll och just kuerz dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht, deen en haut mat perséinlech kierperlechem Asaz virgedroen huet. Mir stëmmen dëse Projet och als gréng Fraktioun, esou wéi mer och d'Gesetz vum 20. Dezember 2002 deemools gestëmmt hunn iwwert d'Schafe vum SID.

Mir ginn haut e Schrëtt méi wäit mat dëser zweeter Etapp fir eis am Beräich vun der Douane besser informatesch Méiglechkeeten ze ginn, fir bestëmmte Formen, net all, bestëmmte Forme vu grenziwwerschreidender Kriminalitéit besser kënnen ze bekämpfen. Dat ass e richtege Schrëtt. Mir ënnerstëtzen en och dofir, mä et muss een awer trotzdeem och d'Fro stellen, woufir datt den éischte Schrëtt nach net esou gutt funktionéiert huet.

Et ass bis elo e Pabeiertiger bliwwen, déi Konventioun, déi mer hunn. De Rapporteur sot et, d'Zuel vun Donnéeën, déi an deem aktuelle System bis elo dra sinn, sinn extrem geréng, wierklech ridiculement geréng, an ech wollt duerfir och d'Fro un de Minister stellen, wéi en dat erkläre kann, dass bis elo den SID net méi genotzt ginn ass, a wéi eng Gedanke sech um europäeschen Niveau dann doriwwer gemaach ginn, fir dass d'Fourniture, d'Alimentatioun mat Donnéeën besser funktionéiert, well ouni déi wäert och déi zweet Etapp e Pabeiertiger bleiwen.

■ **Une voix.** - Gutt.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes agedroen. Här Henckes!

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur félicitéiere fir säin detailléierte schrëftlechen a mëndleche Bericht. Ech mengen et ass wichteg, datt mer Lacunen, déi bestinn, ophiewen, datt mer och där internationaler Kriminalitéit méi ferme entgéintrieden. Déi Base de

données, déi soll geschafe ginn, déi viséiert Enquêtes, wou et ëm eng Infraction grave geet, an ënner Infraction grave si Strofen, Prisongsstrofe vu Minimum zwielef Méint a vu Minimum 15.000 Euro virgesinn.

Mä et muss ee soen, datt mer där Dispositions européennes um Niveau vun den Infractiounen, um Niveau vun de Prozeduren, ëmmer méi kréien. An, Här Minister, mir sinn der Meenung, datt d'Regierung sollt higoen an emol alleguerten déi Texter, déi et niewent dem Code pénal gëtt, déi et niewent dem Code d'Instruction criminelle gëtt, wat d'Prozeduren ugeet, wat Infractiounen ugeet, datt een déi misst an engem Code du Droit pénal et de Procédure pénale codifiéieren, datt ee se soll op een Nenner bréngen.

Dat Zweet wat ee muss festhalen, an ech benotzen dat fir et an dësem Kontext ze soen, datt ass, datt mer an onsem Code pénal nach ganz oft Wieder gebrauchen, déi der heiteger Zäit net méi adaptéiert sinn, a wou d'Gerichter sech dann heiansdo ganz schwéier dinn, fir déi ze adaptéieren. Et geet nach am Code pénal Rieds vu Machine à vapeur, et geet nach Rieds vun Appareil télégraphique, an ech mengen et wier awer un der Zäit fir esou Wieder ze ersetzen duerch modern Moyens de communication, fir datt een och den Infractiounen, déi um internationalen Niveau geschéien, déi transfrontalières sinn, kënn begéinen.

Duerfir erlaabt mer, Här President, fir nach eng Motioun ze déposéeieren, fir d'Regierung opzefuerderen, fir op där enger Säit e Comité anesetze fir ze kucken, fir déi Terminologie aus dem Code pénal an aus dem Code d'Instruction criminelle ze moderniséieren, a fir op där anerer Säit alleguerten déi Dispositions pénales, déi elo am Laf vun de leschte Jore gestëmmt gi sinn, an een eenzege Code eranzebréngen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que le Code pénal luxembourgeois est basé sur une loi du 16 juin 1879 et que le Code d'Instruction Criminelle est basé sur une loi du 17 novembre 1808;*

- *considérant que de nombreuses dispositions de ces Codes sont partiellement formulées dans des termes juridiques surannés et qu'il y a lieu de remplacer ces termes par une terminologie nouvelle adaptée au monde d'aujourd'hui;*

- *considérant par ailleurs qu'en supplément de ces deux Codes existent une multitude de lois contenant des dispositions pénales les plus variées qui ne sont pas codifiées;*

- *considérant qu'une telle évolution n'est guère dans l'intérêt de l'État de droit et d'une bonne gestion de la justice;*

- *considérant qu'il y a lieu de faciliter l'application du principe «nul n'est censé ignorer la loi» et de codifier les textes prévoyant des sanctions pénales;*

demande au Gouvernement

- *d'entamer une refonte linguistique du Code pénal et du Code de l'Instruction Criminelle afin de remplacer les termes juridiques surannés par des termes juridiques adaptés à une justice moderne;*

- *de regrouper toutes les dispositions pénales et de procédure pénale contenues dans d'autres lois dans un seul Code du Droit pénal et de Procédure pénale.*

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Ech menge wann ee seet, «nul n'est censé ignorer la loi», mä wann ee se elo muss an deenen dausende vu Säite vum Mémorial siche goen, dat ass net onbe-

déngt jiddermanns Saach, an dat féiert och dozou, datt ganz oft d'Dispositions pénales net applizéiert gi respektiv dass se ignoriéiert ginn. Soss kënnen mer natierlech mat dem Projet de loi d'accord sinn.

Ech soen Iech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Domat ass d'Diskusioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden. Här Frieden!

■ **M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.** - Här President, ech hunn de sëllegen Erklärunge vun de Kolleegen hei an der Chamber net villes bäizefügen. Et ass e wichtegt Instrument vu méi Koordinatioun a Kooperatioun an deem dote Beräich. Dat ass hei beschriwwen ginn. Dat ass positiv.

Nun ass et awer esou, datt d' Aféierung an d'Utilisatioun vun der Informatik net eppes Einfaches ass, an datt dat - leider, kann ee soen, mä dat ass d'Realitéit - meeschtens eng gewëssen Zäit brauch, an esouguer wann et da bis besteet, muss och nach jiddferene domadder wëllen a kënnen schaffen. Wéi gesot, duerfir muss et emol fir d'éischt bestoen. Duerfir mengen ech, datt dat alles méi lues effektiv gaangen ass wéi dat sech vläicht erhofft ginn ass. Mä dat heescht awer net, datt et doduerch manner gutt ass. Et muss een also kucken, datt een déi néideg Infrastrukture schafft, fir datt dat geet.

Aus der theoretescher Siicht gekuckt, well ech si selbstverständlech kee Spezialist vun dem Inhalt vun deenen dote Fichieren, mengen ech ze verstoen, datt dat en extreem utilet Instrument ass fir eng besser grenziwwerschreidend Kriminalitéitsbekämpfung, wann et da bis voll operationell ass. Dat gëllt souwuel fir déi éischt Etapp wéi fir déi zweet Etapp.

Zu der Remarque vum Verrieder vun der DP géing ech just wëlle soen, datt et ganz normal ass, datt, wann een op e Gewerkschaftskongress geet, Leit soen, si bräichte méi Leit, a si hunn och héchstwahrscheinlech Recht. Mir waren d'lescht Joer konfrontéiert mat 1.000 Demandé beim Numerus clausus. Et ass mer elo gesot ginn, datt dëst Joer nach méi Demandé kommen. Eleng nëmmen a menge Beräicher: Geriicht, Police, Douane, Enregistrement, direkt Steierverwaltung ginn e puer honnert Leit gefrot, an dat ass ganz normal.

Eist Land huet ganz vill Aufgaben, mir wäerten net nokommen, esou vill Leit anzustellen. Wann een awer d'Responsabilitéit huet, an duerfir ass et méi einfach wann een natierlech aus der Chamber déi Revendicatioun hei matbréngt, et ass einfach engem ze soen, majo da kriss de méi Leit. Wa mer awer de Budget maachen, da kënnen mer net heihinner kommen a soen, d'nächst Joer kommen iwwer dausend Leit. Duerfir muss dann e Choix gemaach ginn, an duerfir kann een net all gewerkschaftlech Revendicatioun an deem do Plang berücksichtigen, well soss kann een net, besonnesch net bei deene Masse-salarialen, déi de Stat bezilt, och nach herno e Budget eenegermoossen op eng uerdentlech Aart a Weis presentéieren.

An duerfir bieten ech all d'Kolleegen drëm, datt net all Beamten, deen op enger Plaz gefrot gëtt, och vun der Regierung agestallt ka ginn. Mir hunn trotzdeem an deene leschte Joren honnerte vun zousätzleche Beamten a ganz vill Verwaltungen agestallt, wat eis iwwregens vun där deemoleger Oppositioun reprochéiert ginn ass, an duerfir hoffen ech, datt déi heiteg Oppositioun beim nächste Budget dann déi Kritiken net wäert maachen.

Datselwecht gëllt iwwregens fir déi Propositionen, déi elo grad vum Verrieder vum ADR hei am Besuch op de Code pénal gemaach gi sinn. Ech weess och, datt am Code pénal eng ganz Rei Termé sinn, déi e bëssen net méi zäitgeméis sinn, an ech weess och, datt et schwierig ass, wann een déi sëllech Gesetzgebunge kuckt, wou Strofrechtsbestimmungen drastinn, datt déi net an engem Code sinn.

Nach muss ech soen, datt, wa mer déi Aarbecht wëllte maachen, dat eng enorm grouss Aarbecht wär, an ech wierklech net weess, wéi mer mat deene Beamten, déi mer hunn an déi ganz gutt sinn, och nach déi doten Aarbecht géinge maachen, fir en neie Code pénal ze schreiwen, eng Codificatioun vun alle strofrectleche Bestimmungen.

Dat ass eng Aarbecht fir e Chercheur, dee vläicht eng Kéier déi Aarbecht wëllt maachen. Et ass also eng Iddi, déi ech a priori net schlecht fannen, mä ech kann déi Motioun do aus Regierungssicht net unhuelen, well ech weess, datt mer dat do kuerzfristeg net gemaach kréien. Mir hu vill aner Saachen am Justizberäich, déi mer annonciéiert hunn, déi mer wëlle maachen, déi och enorm aarbechtsintensiv sinn, an duerfir géing ech dat prioritär maachen, virun esou Compilatiounen, déi eng Utilitéit hunn, mä déi kuerzfristeg onrealistes sinn.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun där Debatt a mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5402.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5402 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marc Spautz), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vun zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Dann hu mer d'Motioun vum honorebelen Här Henckes. D'Regierung huet Positioun geholl. Kënnen mer direkt ofstëmmen? Par main levée? Geet dat?

(Assentiment)

Vote

Wie mat där Motioun d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht!

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech gesinn et ass eng relativ grouss Majoritéit, déi mat där Motioun net d'accord ass, an domat ass se ofgelehnt.

(Interruptions)

Et ass eng Majoritéit, eng relativ grouss.

Voilà, da komme mer zur Diskusioun vum nächste Projet de loi, d'Bekämpfung vun der Korruptioun. D'Riedezäit ass och nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwen sinn: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner!

8. 5262 - Projet de loi portant approbation:

a) de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à la lutte contre la corruption impliquant des fonctionnaires des Communautés européennes ou des fonctionnaires des États membres de l'Union européenne, signée à Bruxelles, le 26 mai 1997;

b) du deuxième Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, à la Convention relative à la protection des intérêts financiers des Communautés européennes, signé à Bruxelles, le 19 juin 1997;

c) de la Convention pénale sur la corruption, signée à Strasbourg, le 27 janvier 1999;

d) du Protocole additionnel à la Convention pénale sur la corruption, signé à Strasbourg, le 15 mai 2003; et modifiant et complétant certaines dispositions du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

■ **Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, et gëtt ëmmer erëm spekuléiert, dass de Phenomeen vun der Korruptioun weltwäit verbreet wär a sech an all Gesellschaften, all Gesellschaftsformé géif erëmfannen an och existéiere kënn.

Lëtzebuerg steet op der Ranglëscht vun Transparency international op der siwenter Plaz vun de Länner - selbstverständlech mat der niddregster Korruptioun.

(Interruptions diverses)

Dëse Korruptiounsindex berout primär op subjektiven Impressiounen, well et gëtt keng exakt Chiffieren a keng Fakten. D'Ursaach läit

doran, dass et sech hei net ëm e klassische Crime handelt mat engem Auteur a mat engem Opfer, mä et ass an der Korruptioun wéi am Tango: Et muss een zu zwee sinn, fir en ze tanzen...

(Hilarité)

..., en aktive Corrupteur an e passive Corrompu.

Mä trotz ganz wéinege Condamnatiounen an héijen Donkelzifferen huet d'Korruptiounsversuchung de Verdacht, dass eis Gesellschaft korruptiounsufällig ass an dass et zu enger Verlagerung kënn vum der Inlandskorruptioun op eng transnational Korruptioun. No-deems d'Bestiechung an der internationaler Wirtschaft eng laang Zäit als funktionellt Schmiermittel, also als noutwendegt Iwwel akzeptéiert an toleréiert ginn ass, hu sech déi lescht 20 Joer lues a lues och negativ Auswirkungen fir eis Gesellschaft, eis Wirtschaft an eise Rechtsstat bemierkbar gemaach.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Isoléiert national Strategië ginn ersat duerch nei international ofgestëmmte Konzepter, an dat vun der Europäescher Unioun, der OCDE, dem Europarat a selbstverständlech och der UNO. Dofir fanne mir elo um Niveau vum Droit international public fir d'alleréisch Bestriewunge vun der EU, hir eeg finanziell Interessen ze schützen an dat en présence vun engem enorme Budget a ganz héijen Auslandssubventiounen.

Op där anerer Säit huet d'OCDE-Korruptiounskonventioun bewierkt, dass eng ganz Rei vu Länner Antikorruptiounsmoosnamen an hir intern Gesetzgebung agebaut hunn an opgeholl hunn. An da selbstverständlech och de Conseil de l'Europe, dee versicht mat ganz grousem Enthusiasmus eng ëmfaassend europäesch Léisung, an dat och an Osteuropa, fir dee Problem an déi Problematik ze fannen. Da selbstverständlech zu allerlescht ass d'UNO-Deklariatioun bestrieff e globale politesche Konsens ze fannen.

Duerch d'Gesetz, dat dës Chamber votéiert huet de 15. Januar 2001, wou et a Kraaft getrueden ass, ass do d'OECD-d'Antibestiechungskonventioun approuvéiert ginn. Domadden ass de Begrëff vun der Bestiechung am öffentlichen Déngscht, mam Trafic d'influence a mat der Prise illégale d'intérêt nei definéiert ginn an eise Code pénal. En plus kënnen steierrechtlech Pots de vin net méi steierrechtlech ofgeschriwwen ginn. Et war den honorebelen Laurent Mosar, dee Rapporteur war vun dëser déifgräifender Reform.

■ **Plusieurs voix.** - Ah! Oh!

■ **Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.** - Haut den Owend geet et drëms véier aner international Instrumenter ëmsetzen. Dat sinn op där enger Hand d'EU-Antibestiechungskonventioun vun Europabeamte mam zweete Protokoll iwwert de Finanzschutzaccord - allen zwee sinn aus dem Joer 1997 -; op där anerer Hand hu mer d'Convention pénale vum Conseil de l'Europe iwwert d'Korruptioun vun 1999, och Europaratskonventioun genannt, mat engem zousätzleche Protokoll aus dem Joer 2003.

Ech wëll elo kuerz e puer Explikatiounen, e puer Kommentare ginn iwwert déi fënnef Artikelen, déi an dësem Gesetzesprojet virleien, dee mer haut wëlle stëmmen. Am Artikel 1 gi fir d'alleréisch déi verschidde juristesche Instrumenter opgezielt, déi ze approuvéiere sinn. D'Europaratskonventioun befaasst sech haaptsächlech mat der Procédure pénale a versicht d'Korruptioun ze bekämpfen net nëmme mat gemeinsame Regeln, mä och mat enger verstärkter internationaler an transnationaler Kooperatioun.

Am Artikel 26 iwwert d'Entraide judiciaire ginn d'Staten elo opgefuert eng Rechtshëllef an deem gréisstméiglechen Ëmfank, an dat esou schnell wéi méiglech, ze leeschten. Selbstverständlech kann all Land an engem konkrete Fall seng Rechtshëllef verweigere, wa se géif de Prinzip vun der Souveränitéit respektiv vun der interner staatlecher Rechtsuerdnung affectéieren.

Mä wat d'Bankgeheimnis betrëfft, esou sinn hei ganz kloer Regele gesat. Dat wëllt soen, déi international Kooperatioun ganz generell, an d'Entraide, déi international Rechtshëllef spezifesch dierfen net eleng ofgelehnt gi mam Hinweis op d'Bankgeheimnis. Dat internt staatlecht Recht dierf awer dës Dispositiounen aschränken doduerch, dass d'Ophiewe vum Bankgeheimnis nëmme ka vun enger gerichtlecher Instanz autoriséiert ginn. An hei zu Lëtzebuerg kann nëmmen e Richter d'Levée vum Secret bancaire autoriséieren.

De Follow-up an de Monitoring vun dëser Europaratskonventioun gëtt dem Greco, dat wëllt soen Groupe d'États contre la corruption uvertraut.

Am Kader elo vum Artikel 2 vun dësem Projet gëtt den Artikel 252 vum Code pénal erweidert a betrëfft elo zousätzlech auslännesch Beamten a Parlamentarier, international Schiedsrichter, Juréen an Experten, Europafonctionnairen an international Riichter an a Greffieren, dat Ganzt selbstverständlech am Respekt vun den interne Bestimmungen a selbstverständlech och vun den Immunitéitsregelungen vun dësen internationalen Organisatiounen. D'Strofverfolgung ass also nëmme méiglech no uerdnungsgeméissem Ophiewe vun hirer Immunitéit.

Mam Artikel 3 komme mer elo zum wichtigsten Deel vun dësem Gesetzesprojet. Vill Länner, och dorënner Lëtzebuerg, gesinn nëmme Sanktiounen vir bei der Korruptioun vu Beamten am öffentlechen Déngscht a keng Sanktiounen fir d'Bestiechung am private Secteur. Awer och déi privat Korruptioun huet negativ Auswirkungen a féiert zu enger Verschlechterung vun Präisleschungsverhältnissen, der Innovationsfreedegkeet a selbstverständlech och zur Benodeelegung vun Drëttpersonen.

D'Banque mondiale qualifizéiert d'Korruptioun als dee gréissten eenzelnen Obstacle fir déi wirtschaftlech a sozial Entwécklung. No der Décision-cadre vum 22. Juli 2003 hunn d'Memberstaaten sech engagéiert och intern staatlech Sanktiounen fir déi privat Korruptioun virzegesinn an domadder gëtt also och déi aktiv a passiv Bestiechung am private Beräich konkret an eise Code pénal agebaut duerch zwee nei Artikelen: den Artikel 310 an 310-1.

De Libellé vun dësen neien Artikelen ass iwwerholl ginn aus dem belsche Gesetz vum 10. Februar 1999 relative à la répression de la corruption. Firwat? Well zesumme mam Conseil d'État war d'Kommissioun sech eens, net d'Definitioun vum initiale Projet unzehuelen, dee ganz wäit gaangen ass, dee souguer iwwert d'Direktiven eraus gaangen ass, an zwar fir ze évitéieren, dass d'Korruptioun am private Beräich net méi staark soll sanktionéiert gi wéi an der politescher Korruptioun.

Den Text, wéi en elo virläit, verweist och net méi op déontologesch oder professionell Regeln. Wat de Champ d'application vun deenen neien Artikelen ubelaangt: Elo falen ënner d'Corruption privée fir d'alleréisch d'Ugestallten aus den Entreprises, aus de Geschäften an aus de Gesellschaften, d'Personen, déi de Statut vun engem Indépendant hunn, an och déi, déi mandatéiert gi sinn, fir eng spezifesch Missioun ze maachen.